


# VIRLIESCONCOURS 2025



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche  
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

## IMPRESSUM

**Titre : Virliesconcours 2025**



### **Éditeur :**

Service de Coordination de la Recherche  
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT  
33, Rives de Clausen  
L-2165 Luxembourg  
secretariat@script.lu

**Réalisation / Conception :** SCRIPT

**Illustrations :** Marina Herber

© 2024 SCRIPT | Tous droits réservés

# VIRLIESCONCOURS 2025

EN NEIT  
KONZEPT

## KONTEXT

Am Schouljoer 2024 -2025 leeft méttlerweil déi 20. Editioun vum Virliesconcours, engem Concours fir Kanner aus dem Cycle 4.

Uechter d'Jore gouf et ëmmer nees Adaptatiounen: am Ufank ass nëmmen e bekannten Text an der Finall virgelies ginn, spéider koum en zweeten, onbekannten Text dobäi. Et goufen och Joren, wou de Virliesconcours an enger bestëmmter Sprooch gelaf ass, mee meeschtens haten d'Kanner d'fräi Wiel tëscht enger vun den dräi Schoulsproochen.

Am Joer 2020, wou d'ëffentlecht Liewen op Distanz gelaf ass, gouf de Virliesconcours mat Hëllef vun Audioopnamen ofgehal. Dës Prozedur gëtt deelweis bis haut nach genotzt. Esou leeft zum Beispill zanterhir d'Veierelsfinall net méi a presentiell an de Regiounen, mee unhand vun Audioopnamen.

Am Joer 2024 huet de Virliesconcours eng nei Nues kritt: d'Theema gouf ofgeschaaft, d'Kanner konnten an zwou Sprooche virliesen an Englesch koum als nei Sprooch dobäi. Et gouf och als weider Etapp eng Halleffinall organiséiert, fir d'Unzuel vun de Kanner an der Finall op 8 ze reduzéieren. Och d'Finall ass 2024 ugepasst ginn: et goufen Texter an zwou Sprooche virgelies, d'Épreuve vum Liestheater ass nei dobäi komm, grad wéi als flotten Intermezzo an der Finall d'Präisiwwerreechung vum Kanner- a Jugendliteraturpräis (KJLP).

Fir dës 20. Editioun goufen d'Neierunge vum leschte Joer bäibehal : als kleng Upassung gi vun dësem Joer un an der Halleffinall Texter an zwou Sprooche bewäert.



# WAT ASS DE VIRLIESCONCOURS? IWWERBLÉCK

## E CONCOURS FIR DE CYCLE 4 - DEEL VUM LEVELUP

De Virliesconcours riicht sech u Schülerinnen a Schüler aus dem Cycle 4. Et geet drëm, datt d'Kanner en Extrait aus engem Kanner- oder Jugendbuch haart virliesen.

- De Virliesconcours ass Deel vun der Initiativ Levelup. All Enseignant ka fir d'Kanner aus senger Klass, déi beim Virliesconcours matmaachen, en Zertifikat vu Levelup erstellen loossen: <https://levelup.lu/contests/virliesconcours/>
- Vum Niveau Schoulgewënner u këmmert sech de SCRIPT drëm, dass d'Kanner en Zertifikat kréien.

## E VIRLIESTEXT AUS ENGEM KANNER- ODER JUGENDBUCH

Et gëtt aus engem gedréckte Buch virgelies. Den Extrait soll dem Niveau vum C4 entsprechen.

Zougelooss sinn nëmme Kanner- a Jugendbicher, keng Zäitschrëften, keng Fotokopien a keen Extrait aus engem Schoulbuch. Sachbicher, Theaterstécker, Gedichter a Billerbicher, grad wéi BDen, Manga a Graphic Novels sinn och net zougelooss.

D'Schoulbibliothecairen an d'Léierpersonal sinn invitéiert, d'Kanner bei der Auswiel vun de Bicher an den Extraiten ze ënnerstëtzen. Zesumme solle si kucken, ob d'Buch dem Alter vum Kand entsprécht a sech gutt eegent, fir virgelies ze ginn.

Den Extrait, deen d'Kand eraussicht, soll eng Virliedauer vun 3 Minutten hunn.

## 2 VIRLIESSPROOCHE VUN DER VÉIERELSFINALL UN & ENGLSCH ALS ZWEET SPROUCH

D'Kanner siche sech 2 Sproochen eraus, an deene si gär virliesen:

- **eng éischt Sprooch:**
  - d'Sprooch, déi d'Kand als seng stäerkste Virliessprooch ugesäit;
  - als 1. Sprooch kann eng vun den dräi classesche Schoulsproochen aus der Grondschoul gewielt ginn: Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch;
  - d'Klassefinall an d'Schoulfinall lafen an der 1. Sprooch vum Kand.
- **eng zweet Sprooch**
  - eng weider Sprooch, an där d'Kand och gär virliest;
  - als 2. Sprooch kann – ausser de classesche Schoulsproochen – och Englesch genannt ginn;
  - d'zweet Sprooch kënn eréischt vun der Véierelsfinall un an d'Spill.

Englesch kann net als éischt Sprooch genannt ginn, well et net iwuerall an der Grondschoul eng Schoulsprooch ass.

## KEEN THEEMA VIRGINN

D'Kanner kënnen sech en Extrait eraussichen aus hirem Liblingsbuch oder aus soss engem Buch, dat hinne grad gutt gefällt. Si brauchen net en Ausschnëtt zu engem bestëmmten Thema ze sichen.

## 5 ETAPPEN

No der Klassen- an der Schoulfinal gëtt et eng Véierelsfinal pro Regionaldirektioun, dann eng Halleffinal um SCRIPT a schliisslech eng national Final am Ariston zu Esch-Uelzecht.

## VUN DER VÉIERELSFINAL UN: EPREUVEN AN 2 SPROOCHEN

### ► Véierelsfinal


- Bekannten Text an der 2. Sprooch (*Text vum Kand erausgesicht*)
- Onbekannten Text an der 1. Sprooch (*Text vum SCRIPT imposéiert*)

### ► Halleffinal (*Texter vum SCRIPT imposéiert*)

- Reprise vum onbekannten Text an der 1. Sprooch
- Onbekannten Text an der 2. Sprooch

### ► Final (*Texter vum SCRIPT imposéiert*)

- Neien onbekannten Text an der 2. Sprooch
- Neien onbekannten Text an der 1. Sprooch (*lecture à vue*)
- Liestheater an der 1. Sprooch (*lecture à vue*)



# DETAILER ZUM OFLAF

## 5 ETAPPEN

### ► **Klassefinall an der 1. Sprooch vum Kand**

- Vum Enseignant organiséiert
- Texter op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch
- D’Kand liest en Extrait, deen et sech erausgesicht huet. Et ass keen Thema virginn.
- D’Klass ermëttelt d’Klassegewënnerin oder de Klassegewënner.

### ► **Schoulfinall an der 1. Sprooch vum Kand**

- Vum Schoulbibliothecaire mat Hëllef vun den Enseignanten organiséiert
- Texter op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch
- D’Kand liest den Extrait, deen hatt sech och scho fir d’Klassefinall erausgesicht huet.
- Falls keng ganz Klasse matmaachen, mee just eenzel Kanner, sollen déi sech direkt beim Schoulbibliothecaire mellen.
- De Schoulbibliothecaire stellt e Jury zesummen, deen d’Gewënnerin oder de Gewënner bestëmmt.
- De Schoulbibliothecaire mellt d’Kand via Online-formulaire beim SCRIPT. Op deem Onlineformulaire ginn dann 2 Sproocher vermierkt, an deenen d’Kand vun der Véierelsfinall u wëll virlesen:
  - déi éischt “staark” Sprooch: Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch,
  - déi zweet “manner staark” Sprooch: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch.
- **Delai fir d’Umeldung beim SCRIPT: 14.02.2025**
- Et gëtt keng Audiodatei matgeschéckt, well den Extrait vun der Schoulfinall net méi weider genotzt gëtt.
- De SCRIPT informéiert all Schoulgewënner(in), wéi et fir hatt oder hien an der Véierelsfinall weidergeet.



## ► Véierelsfinal an zwou Sproochen

Et ass den éischte Moment, wou déi 2. Sprooch, déi d’Kand bei der Umeldung genannt huet, an d’Spill kënn.

- **Bekannten Text an der 2. Sprooch**

D’Kand sicht sech selwer en Text a senger 2. Sprooch eraus, déi et an der Umeldung uginn huet. Dëst kann d’Kand maachen, soubal d’Umeldung fortgeschéckt ass. Sou bleift him vill Zäit, dësen neie bekannten Text anzeüben.

D’Kand hëlt dee mat Hëllef vum Schoulbibliothecaire an der Schoul op, soubal et dofir prett ass.

- **Onbekannten Text an der 1. Sprooch**

De SCRIPT imposéiert all Véierelsfinalist(in) en onbekannten Text a senger 1. Sprooch. **Dësen Text gëtt den 28.03.2025 dem Schoulbibliothecaire an dem Enseignant vum Kand gemailt.** D’Kand soll deen Text gutt anüben a mat Hëllef vum Schoulbibliothecaire an der Schoul ophuelen.

- De Schoulbibliothecaire schéckt déi 2 Audiodateien (*bekannten an onbekanntem Text*) zesummen u [virliesconcours@script.lu](mailto:virliesconcours@script.lu). Delai: **31.03.2025**.
- Aus Fairnessgrënn ka leider keen Envoi, deen no dësem Datum erageschéckt gëtt, méi consideréiert ginn.

### WICHTEG INFO ZUM AUDIO!

- kee Video
- gutt Qualitéit (*keng Hannergrondgeräischer, gutt Lautstärkt*)
- direkt mam Liesen ufänken (*KENG Presentatioun vum Kand, Auteur oder Buch*)
- Längt vum Audio:
  - 3 Minutten fir de bekannten Text,
  - keng zäitlech Aschränkung fir den onbekannten Text: do gëtt einfach **de ganzen Extrait** am Rhythmus vum Kand virgelies.



Den Entscheidungsprozess gëtt vum SCRIPT zesumme mat de Regionaldirektiounen organiséiert:

- De SCRIPT sammelt d’Audiopnamen a gëtt se nach virun der Ouschtervakanz un d’Regionaldirektiounen weider.
- All Regionaldirektioun stellt e Jury zesummen an ermëttelt an der 2. Hallschent vum Abrëll d’Gewënnerkand aus der Region, dat dann an d’Halleffinal kënn.
- D’Regionaldirektioun mellt hiert Gewënnerkand u [virliesconcours@script.lu](mailto:virliesconcours@script.lu). Délai: **06.05.2025**.
- De SCRIPT informéiert all Véierelsfinalist(in) iwwert seng individuell Suite vum Concours a schéckt all Kand e Bicherbong als Merci.

### ► Halleffinall an zwou Sproochen: 03.06.2025

- Et kënnen bis zu 15 Kanner fir d'Halleffinall ugemellt sinn. Well d'Finall aus dräi verschiddenen Epreuven a méi Sproochen besteet, ass et zäitlech net méiglech, se mat 15 Kanner ze maachen. Duerfir gëtt d'Zuel vun de Finalistinnen a Finalisten op 8 Kanner reduzéiert.
- Dëst geschitt an der Halleffinall, déi den **03.06.25** um SCRIPT leeft.

D'Entscheidung gëtt getraff op Basis vun 2 Audioopnamen:

- Reprise vum onbekannten Text an der 1. Sprooch, deen d'Kand scho fir d'Veierelsfinall erageschéckt hat.
- Onbekannten Text an der 2. Sprooch, deen de SCRIPT all Halleffinallist(in) imposéiert. **Dësen Text gëtt de 16.05.25 dem Schoulbibliothecaire an den Enseignant vum Kand gemailt.**
- D'Kand soll deen Text gutt anüben a mat Hëllef vum Schoulbibliothecaire an der Schoul ophuelen.
- De Schoulbibliothecaire schéckt dës Audiodatei u [virliesconcours@script.lu](mailto:virliesconcours@script.lu). Delai: **19.06.2025**.
- Aus Fairnessgrënn ka leider keen Envoi, deen no dësem Datum erageschéckt gëtt, méi consideréiert ginn.
- De SCRIPT informéiert all Halleffinallist(in) iwwert seng individuell Suite vum Concours e schéckt all Kand e Bicherbong als Merci.

### ► National Finall an zwou Sproochen: 01.07.25

- De SCRIPT organiséiert d'national Finall nomëttes zu Esch-Uelzecht am Ariston. Dëst ass en ëffentlecht Evenement an et wäert den Dag selwer op der Plaz kloer affichéiert sinn, datt Fotoë gemaach ginn. Aus deem Grond brauch ee keng Fotoerlaabnis méi bei den Elteren unzufroen.
- De SCRIPT schéckt eng Invitatioun un d'Finalist(inn)en an un de jeeweilegen Enseignant. D'Kanner kënnen gäre Famill, Frënn a Klassekomerode mat an d'Finall bréngen. Aus organisatoresche Grënn soll all Kand seng Presenz confirméieren an d'Unzuel vu senger Begleeder wgl. am Virfeld umellen: [virliesconcours@script.lu](mailto:virliesconcours@script.lu).
- All Kand stellt sech 3 Epreuven:
  - Neien onbekannten Text an der 2. Sprooch  
All Finalist(in) kritt de 27.06.25 vum SCRIPT en Text a senger 2. Sprooch geschéckt. All Kand huet Zäit, deen Text virzubereeden an esou doraus e bekannten Text ze maachen. Dee liest et da live an der Finall viru Publikum vir.
  - Neien onbekannten Text an der 1. Sprooch  
All Kand kritt an der Finall och en onbekannten Extrait (*en Iwwerraschungstext*) aus engem Kanner- oder Jugendbuch a senger 1. Sprooch als lecture à vue ouni Virbereedungszeit virzeliesen.
  - Liestheater an der 1. Sprooch  
All Liestheater ass eesprocheg an ass fir 2 Virliesser (*+ eventuell en erwuessenen Narrateur*) virgesinn. All Finalist(in) liest dës Liestheater als lecture à vue ouni Virbereedungszeit zesumme mat engem anere Kand, dat déi selwecht 1. Sprooch uginn hat.



- Virun der leschter Deliberatioun vum Jury gëtt d'Präisiwwereechung un d'Gewënnerin oder de Gewënner vum Kanner- a Jugendliteraturpräis (*KJLP*) gemaach.
- De Jury op der Plaz entscheet op Basis vun den 3 Epreuven, wien d'national Gewënnerin oder den nationale Gewënner vum Virliesconcours 2025 ass. Dat Kand kritt e Bicherbong an all aner Kanner kréien och e Bichermerci.

## DE JURY

- Fir d'Ermëttele vun der Schoulgewënnerin oder dem Schoulgewënner ass et dem Schoulbibliothecaire fräi iwwerlooss, de Jury zesummenzestellen.
- Fir d'Veierelsfinall stellt d'Regionaldirektioun de Jury zesammen: Leit aus dem Bicher- a Kulturmilieu, respektiv aus dem Enseignement.
- Fir d'Halleffinall gëtt et e Jury um SCRIPT.
- An der Finall sinn et Leit aus dem Bicher- a Kulturmilieu (*Schoul, Librairie, Bibliothék, Theater, ...*), déi d'Gewënnerkand ermëttelen.
- D'Decisioun vum Jury kann net ugefecht ginn. De Rechtsweg ass ausgeschloss.

## WAT A WÉI GËTT BEWÄERT?

Bei der Bewäertung vum Virliesconcours spillen eng ganz Rei Krittären eng Roll:

### 1. Technik vum Liesen

Gëtt den Text fléissend a feelerfräi gelies, däitlech ausgeschwat, sënngeméiss betount? Gëtt gelies, ouni d'Wieder ofzeschlécken? Ginn d'Liesepause richtig a gehalen (*Komma, Punkt ...*)? Sinn de Liestempo an d'Lautstäerkt ugepasst? Kleng Verspriecher ginn hei net iwwerbewäert.

### 2. Textverständnis an Textgestaltung

Mierkt een, datt d'Kand den Text verstanen huet? Gëtt d'Stëmm gutt agesat, fir den Text ze gestalten, ouni iwwerdriwwe Schauspillerei? Geléngt et dem Kand, d'Stëmmung vum Text gutt erëmzeginn? Filt een sech als Nolauschterer ugeschwat?

### 3. Choix vum Extrait

Ass d'Lieszäit gutt geplangt? Entsprécht den Text dem Alter vum Kand? Ass den Extrait eng ofgeschlossen Zeen, déi ee gutt versteet (*ouni Aféierung an ouni d'Personnagen ze kennen*)?


**ASCHREIWUNG:**  
(bis den **14.02.2025**)

**FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:**  
[virliesconcours@script.lu](mailto:virliesconcours@script.lu)

[anne-marie.antony@men.lu](mailto:anne-marie.antony@men.lu)  
(Tél. 247-85184)

[anne.biesdorf@men.lu](mailto:anne.biesdorf@men.lu)  
(Tél. 247-75192)

<http://www.edulink.lu/k8ff>



# VIRLIESCONCOURS 2025

• ZÄITSCHINN •

DATUM	ETAPP	PLAZ	KANNER	ÉPREUVE(N)	RESPONSABEL
VIRUM 14.02.2025	KLASSEFINALL	KLASS	KANNER AUS ENGER KLASS	• BEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH* (ANALOG)	Enseignant, Schoulbibliothecaire
VIRUM 14.02.2025	SCHOULFINALL	SCHOUL	KLASSEGEWËNNER(IN)/ EENZEL KANNER	• BEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH* (ANALOG)	Enseignant, Schoulbibliothecaire
BIS DE 14.02.2025	UMELDUNG VUN ALL SCHOULGEWËNNER(IN) BEIM SCRIPT DUERCH DEN ENSEIGNANT AN/ODER SCHOULBIBLIOTHECAIRE: <a href="http://www.edulink.lu/k8ff">http://www.edulink.lu/k8ff</a>				
22.04.2025 - 06.05.2025	1/4 FINALL	REGIONAL- DIREKTIOUNEN	VÉIERELSFINALIST(INN)EN	• ONBEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH** (AUDIO) • BEKANNTEN TEXT 2. SPROOCH* (AUDIO)	Regionaldirektiounen & SCRIPT
03.06.2025	1/2 FINALL	SCRIPT	15 HALLEFINALIST(INN)EN	• ONBEKANNTEN TEXT VUN DER 1/4 FINALL 1. SPROOCH** (AUDIO) • ONBEKANNTEN TEXT 2. SPROOCH** (AUDIO)	SCRIPT
01.07.2025	FINALL	ESCH- UELZECHT	8 FINALIST(INN)EN	• NEIEN ONBEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH** • NEIEN ONBEKANNTEN TEXT 2. SPROOCH** • LIESTHEATER 1. SPROOCH**	SCRIPT

\* Text gëtt vum Kand erausgesicht.  
\*\* Text gëtt vum SCRIPT imposéiert.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse





SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche  
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Service de Coordination de la Recherche  
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT

33, Rives de Clausen  
L-2165 Luxembourg  
secretariat@script.lu

[www.script.lu](http://www.script.lu)

© 2024, SCRIPT | Tous droits réservés